



ALTERNATIV DEMOKRATESCH  
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
President vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. November 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheitsminister weiderzeleeden.

D'EU-Kommissioun wëll d'Validitéit vun de Covid-Zertifikater europawäit harmoniséieren, dorënner falen och déi sougenannte Booster-Impfungen. Déi zoustänneg EU-Kommissärin Stella Kyriakides sot den 22. November am EU-Parlament zu Stroossbuerg:

"I fully agree with the urgency, and this is why the European Commission is working with the utmost urgency to strengthen the coordination of free movement, including the length of validity and the role of boosters in the vaccination campaign."

An deem Kontext hunn ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Wéi laang bleift de Covid-Pass valabel wann ee keng Booster - Impfung mécht a wéi laang bleift e valabel wann een eng Booster-Impfung mécht?
2. Fir Leit ouni Impfung gëtt d'Reesen och bannent der EU tendenziell ëmmer méi schwierig. Wéi ass déi Lëtzebuerger Positioun am Hibleck op d'Reesfräiheet vun ongeimpfte Leit am Schengen-Raum? Wéi eng Positioun vertritt Lëtzebuerg an där Fro géintwärt der EU-Kommissioun an deenen anere Memberstaate vum Schengen-Raum?
3. De COVID-Pass ass de facto amgaangen sech an eng Zort vu Reesdokument ze verwandelen. Gesäit Lëtzebuerg doran eng potentiell Gefor fir de Prinzip vun der Beweegungsfräiheet?

4. Wéi laang soll esou e COVID-Pass, der Meenung vun der Lëtzebuerger Regierung no, bestoe bleiwen? Wéi eng objektiv, chiffriert an transparent Critère mussen, der Lëtzebuerger Regierung no, erfëllt sinn, fir de COVID-Pass nees kënnen ofzeschaffen?

Mat déiwem Respekt,



Fernand Kartheiser  
Deputéierten